LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**COVID-19: Participatiounsdeklaratioun, fir un den Antigène-Schnellselbsttester deelzehuelen**
***(volljärege Schüler)***

Zanter dem 19. Abrëll 2021 gehéieren Antigène-Schnelltester, fir selwer ze maachen, als zousätzlech Mesure zum sanitären Dispositif vun der Educatioun an allen ëffentleche Schoulen zu Lëtzebuerg.

D'Leit teste sech selwer mat engem Nuesofstréch (ongeféier zwee Zentimeter déif, bis d'kottengs Tupferspëtz net méi ze gesinn ass).

Fir weider Informatiounen iwwer d'Benotze vum Selbsttest, kuckt wgl. de Site **www.edutesting.lu.** Do fannt Dir och Videoen, déi d'Benotze vun den Tester erklären, an och eng Rubrik „Heefeg gestallte Froen" (FAQ) a méi Sproochen.

**Testfrequenz**

All Member vun der Schoulgemeinschaft kritt en éischte Kit, fir doheem en Test duerchzeféieren a sech mam Selbsttest ze familiariséieren. Dir fannt **déi néideg Erklärungen um Flyer am Testkit**.

Duerno kréien **an de Schoulen** nach just Leit mat valabeler Averständniserklärung/Participatiounsdeklaratioun **e Kit mat engem Selbsttest** ausgedeelt. **De Selbsttest gëtt eemol d'Woch realiséiert, an der Schoul**, ënner der Opsiicht vum Léierpersonal.

**Reporting vun de positiven Testresultater**

Nach **um Dag vum Test** deelt d'Schoul **déi positiv an déi negativ Resultater** der Sanitärinspektioun an de legale Vertrieder vum betraffene volljärege Schüler mat.

Am Fall vun engem positiven Testresultat an der Schoul:

- Déi betraffe Persoun gëtt direkt vun der Grupp getrennt a kritt eng FFP2-Mask.
- D'Schoul rifft direkt de legale Vertrieder vum Schüler un, fir datt se hiert Kand esou séier ewéi méiglech kënnen ofhuele kommen. Bis dat de Fall ass, këmmert sech, wa méiglech, eng individuell Opsiicht ëm dat positiv geteste Kand. Och déi Persoun huet eng FFP2-Mask un.
- D'Schoul setzt sech mat der Sanitärinspektioun a Verbindung, déi dann déi néideg Moossnamen hëlt (eventuell eng Ordonnance fir e PCR-Test, Stufeplang, Tracing, Verschreiwe vun enger Quarantän asw.).
- Wa just en Deel vun der Klass de Selbsttest gemaach huet, test sech dann déi ganz Klass.

Am Fall vun engem positiven Testresultat doheem engagéiert sech de volljärege Schüler dozou, d'Sanitärinspektioun (iwwer de Site https://covidtracing.public.lu/covid oder iwwer d'Hotline 247-65533) an och seng Schoul direkt ze informéieren.

**Averständnis**

Fir matzedeelen, ob si un de Selbsttester deelhuelen oder net, sinn déi volljäreg Schüler gebieden, hirem Regent d'**Participatiounsdeklaratioun op der Récksäit ausgefëllt an ënnerschriwwen** zeréckzeginn.

**D'Zoustëmmung kann all Ablack** schrëftlech **beim Regent zeréckgezu ginn**.

*Les règles légales en matière de protection des données à caractère personnel, notamment les droits reconnus aux personnes concernées par les traitements effectués (droit d'accès aux données, droit à l'effacement, droit de rectification des données, etc.) sont applicables dans les conditions afférentes et sous réserve des exceptions et dérogations prévues.*

*Pour des questions relatives au traitement de ces données ou en vue de faire valoir l'exercice de vos droits, vous pouvez, en justifiant votre identité et, s'il y a lieu, celle de votre enfant mineur (c'est-à-dire en joignant à votre demande une copie lisible et valable de votre pièce d'identité ainsi que de celle de votre enfant mineur), contacter le responsable du traitement ou son délégué à la protection des données (dpo@men.lu).*

**COVID-19: Participatiounsdeklaratioun, fir un den Antigène-Schnellselbsttester deelzehuelen**
***(volljärege Schüler)***

Ech, deen hei drënner signéiert, d'Madamm/den Här*

(*Numm*) ______________________________________________

(*Virnumm*) ______________________________________________

(*Matricule*) ______________________________________________

(*Adress*) ______________________________________________

(*Telefonsnummer*) ______________________________________

(*Numm vun der Schoul*) ___________________________________

(*Klass*) ______________________________________________

☐ **huelen** un de Schnell-Selbsttester, déi op der viischter Säit beschriwwe sinn, **deel**.
Mäin Averständnis bréngt mat sech, datt **d'Resultat vun all Test an och d'perséinlech Donnéeën** (Numm, Virnumm, Matricule, Adress an Telefonsnummer) **un d'Sanitärinspektioun weidergeleet ginn**.

☐ wëll, datt d'Schoul am Fall vun engem positiven Testresultat an der Schoul kontaktéiert:

d'Madamm/den Här*: ____________________________________________

op der Telefonsnummer (GSM): ____________________________________

☐ **refuséieren**, um Dispositif, deen op der viischter Säit beschriwwen ass, **deelzehuelen**.

***Andeems Dir dëse Formulaire areecht, acceptéiert Dir, datt Är perséinlech Donnéeën esou wéi uewe beschriwwen traitéiert ginn.***

Opgestallt zu (*Uertschaft*) ______________________, den (*Datum*) ______________________.

Ënnerschrëft ____________________________________

**Dem Regent esou séier wéi méiglech zeréckginn.**

___________________

* Maacht wgl. e Krees ëm d'Mentioun, déi zoutrëfft.